



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Landesplanung & Mobilitéit weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1303 schreiwen d'Ministeren, dass de Konzessionär vun der Tankstell op der A4 – beim Echangeur Steebrécken – gewiesselt huet. Während der Zäit vun den Aarbechten um Echangeur ass de Site vun der Tankstell gespaart. D'Ministere schreiwen, dass de Flux vu Clientë sech deementspreechend op aner Tankstellen op de lëtzebuergesche Grenze verréckelt huet. D'Bäibehale vun der Statioun um Echangeur Steebrécken gouf och am Regierungssaccord festgehalten.

An dem Kontext stellt sech d'Fro vun der Koherenz an der Kredibilitéit vun der Ëmweltpolitik vun der Regierung. Wëssend, dass den Tanktourismus grondsätzlech ee groussen Impakt op den ekologesche Foussofdrock vum Grand-Duché huet, kënnt d'Verlängerung vun der Konzessioun enger Ënnerstëtzung vum Tanktourismus gläich. Am Kader vun der aktueller Klimapolitik an der domat agoender Dekarboniséierung vum Transportsecteur stellt sech d'Fro vun der Noutwennegkeet den aktuellen Tankstellereseau bäizebehalen, voire auszebauen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Aus wéi engem Grond gouf d'Statioun zu Steebrécken, nodeem d'Konzessioun vu Shell ofgelaf war, net zougemaach?
2. Ass et aus Siicht vun der Regierung ëmweltbewosst, d'Unzuel un Tankstellen am Land z'erhalen?
3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Unzuel un Tankstellen zu Lëtzebuerg misst reduzéiert ginn?
 - falls jo, wéi vill Tankstelle solle bis 2023 verschwannen?
 - Falls, nee, wéi legitiméiert d'Regierung d'Kohärenz tëschent hirer Ëmweltpolitik, déi eng Dekarboniséierung zum Ziil huet, mat enger Erhaltung, voire Erweiterung, vum Tankstellereseauden säi Geschäftsmodell op Petrol baséiert?
4. Am Koalitiounsaccord (Säit 161) schreift d'Regierung iwwert Schnelluedestatiounen op den Autobunnen. Soll d'Tankstell um Echangeur Steebrécken och mat esou Anlagen equipéiert ginn a falls jo, wéi vill Luetstatioune sollen do opgestallt ginn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu